

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2017

Här Mars DI BARTOLOMEO
President vun der Chambre des
Députés
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, géife mir Iech bieden, dës parlamentaresch Fro un den Här Kulturminister an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden :

„Am Mäerz 2017 hunn den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an den Här Staatssekretär am Kulturministère ee 40-Punkteplang fir d’Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch virgestallt.

Dernieft ginn et säit laangem och vill privat Initiativen an ASBL’en, déi duerch hiert luewenswäert Engagement, sief dat iwwer Literatur, Konscht, Recherchen oder Korrekturprogrammer, d’Lëtzebuergesch Sprooch förderen a fleegen.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un den Här Kulturminister an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen :

- Ewéi ugekënnegt soll déi laangfristeg Strategie an Zesummenaarbecht mat allen Acteuren aus der Gesellschaft definéiert ginn. A wéi enger Form gi privat Initiativen an ASBL'en agebonnen? Wéini soll dës Zesummenaarbecht ufänken?*
- Ginn den Ament esou Initiativen oder ASBL'en ënnert iergendenger Form ënnerstëtzt? Wa nee, ass et ugeduecht dëst an Zukunft ze maachen?“*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

Claude LAMBERTY
Deputéierten

Gilles BAUM
Deputéierten